Gudde Moien

Dir sidd ageschriwwen fir eng Formatioun am  CIS Miersch

Mir wëllen iech hei e puer Infoen zu ären Openthalt an deem CIS mat op de Wee ginn.

**Iessen :**

Ab 7:30 stinn an der Garage op der Wäschstrooss Kaffi, Waasser an Mëtschen zur Verfügung.


Fir d' Iessen notzen mir Festzeltgarnituren am Garage do gëtt och bei der Part vun der Wäschstrooss giess.


D' Mëttegiessen gëtt op d' Platz geliwwert. Sollt dir eng Intoleranz hunn oder dir braucht en anere Menu (vegetaresch oder vegan), soll dir kuerzfristeg eng email un hotellerie@cgdis.lu, dem Service Hotellerie vum INFS, maachen. Folgend Infoen musst dir uginn:

| | |
|---|---|
| Bezeechnung vum Cours: | z.b. *22-25-FIS I.2* |
| Datum vum Cours: | z.b. *18 an 19 Dezember 2023* |
| CIS wou de Cours ass: | *CIS Mersch* |
| | *4,Rue de Gosseldange* |
| | *L-7536 Mersch* |
| Är Intoleranzen: | är aktuell Intoleranzen |
| | Ob dir e vegetaresch oder e vegane Menu wëllt bestellen |

**Parking fir ären Auto :**

D' Parkplazen vum CIS sinn déi 6 eicht Parkplatzen beim Hydrant(rout) fir Memberen vum CIS virbehalen an däerfen net benotzt ginn. Den recht ass keen Problem och laanscht Strooss däerf geparkt ginn.





Wäschstrooss Wou Mëttegiessen an den Kaffi ass an wou Asazkleeder hin geluegt ginn

**<u>Uerdnung am CIS :</u>**

**<u>Am CIS</u>** besteet eng schwaarz/wäiss Trennung an den CIS ass an Zonen agedeelt:

**Propper:** <u>Openthaltsräim, Instruktiounsräim, Büroen, Salle d'Operation</u>

Hei gëtt d' F1-Tenue mat den Tagesdéngscht-Schung oder Privat Kleeder mat Normalen Schung gedroen

Hei ass d' Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an -Händschen) net erlaabt

**Knaschteg awer nët contaminéiert:** <u>Garagen, Atelier</u>

Hei sollen Asaz-Bottinnen gedroen ginn.

D' Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an –Händschen) kann hei ugedoen a gedroen ginn.

**Contaminéiert mat toxeschen Stoffer:** <u>Wäschkummer</u>

Hei hu dir keen Zougang

**<u>Kleeder :</u>**

Während den theoretesche Coursen ass d' F1-Tenue mat den Tagesdéngscht-Schung ze droen.

Wann dir u kommt krit dir eng Platz zou gewisen, wou dir d' Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an -Händschen) kennt ofleeën an un- an aus doen. Bei eis am CIS ass dat op der Wäschstrooss

D' Asazkleedung ass während de praktesche Coursen ze droen.

**<u>Openthalt am CIS nom Cours :</u>**

Am CIS halen mir eis just an den Reim op, déi fir dës Formatiounen zur Verfügung stinn.Nom Cours kennt dir iech net méi am CIS ophalen. Et ass och net méiglech Nuets am CIS ze schlofen.

**<u>Weider Froen :</u>**

Fir weider Informatiounen kennt dir iech un den zonale Chef de Service Formation wenden:

Jean-François Bricher

Tel. +35249771 3031 mail: zone-centre-formation@cgdis.lu